N°3255
Entrée le 23.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 3255 vum 26. November 2025 vum Här Deputéierte Michel Lemaire iwwer d'Enn vum Verkaf vun den 1. Klass-Billjeeën an den CFL Guicheten.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'Enn vum Verkaf vun den 1. Klass-Billjeeën an den CFL Guicheten. Déi follgend Informatioune goufe bei den CFL ugefrot.

1) *Wéi ass déi Decisioun begrënnt, zousätzlech zum novollzéibaren Enn vum Verkaf am Bus och de Verkaf an de Guicheten anzestellen?*

D'Decisioun baséiert op dräi Haaptursaachen:

- D'Ofschafe vum nationale Verkafssystem MOBILEEvarion (CSW) am Guichet an INIT PC an de Bussen: Dës Systemer goufe vun der ATP zur Verfügung gestallt. Well se ofgeschaaft ginn, ka keng MKaart méi ausgestallt ginn.

- D'Enn vun der MKaart bedéngt duerch d'Ofschafe vum Verkafssystem: Dëse Support war ee vun de wichtegste Grënn fir nach physesch Ticketen am Guichet oder am Bus ze verkafen.

- D'Digitaliséierung an de Gratis Transport: Den nationalen Transport an der 2. Klass ass gratis, an d'Clienten notzen ëmmer méi digital Kanäl (App, Automaten). De klasseschen Ticketverkaf huet dofir eng ganz niddreg Auslaaschtung.

2) *Bedeit d'Astellung vum Verkaf vu Billjeeë fir den nationale Reseau, datt d'Guicheten zougemaach ginn? Falls jo, wéi eng Gare si betraff a wéi eng alternativ Aufgabe soll d'Personal dann iwwerhuelen? Falls net, wéi eng Zerwisser ginn dann an Zukunft am Guichet ugebueden?*

Nee, d'Guicheten an de grousse Garë Lëtzebuerg a Belval-Universitéit bleiwe weiderhin op, well se wichteg Servicer ubidden, wéi internationalen Ticketverkaf, Mobilitéitsberodung, Parking- a Bikebox-Servicer a Client Support fir digital Plattformen (App, Web).

3) *Ass weiderhi garantéiert, datt d'Leit hir Zuchtickete fir d'éischt Klass och wärend der Faart bäim Schaffner kafe kënnen?*

Jo, dat ass weiderhi garantéiert.

D'Clientë kënnen hir Tickete fir d'1. Klass och wärend der Faart beim Schaffner kafen. Wéi bis elo gëtt et e klengen Oppräis, fir d'Leit ze motivéieren, Ticketen am Viraus ze kafen.

4) *Ass weiderhi séchergestallt, datt d'Leit hir Ticketen um Automat a beim Schaffner kënne bor bezuelen?*

Jo, dat ass weiderhi méiglech:

- Automaten: Boerbezuelung ass weiderhin méiglech op ausgewielten Automaten an de grousse Garen.

- Beim Schaffner: Boerbezuelung bleift méiglech, och wann et e klengen Oppräis gëtt fir Tickete wärend der Faart.

Lëtzebuerg, den 23. Dezember 2025

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES